„Bicher op den Dësch ...!“

D'Equipe vum Aarbechtsgrupp „Kannerbicher“ bitt vun elo un en neie Workshop-Modell un:
„Bicher op den Dësch ...!“: Journée fir d'Personal aus dem Schoul- an Erzéiungsberäich, Elteren a fir jiddereen, deen u Kanner- a Jugendliteratur oder un engem spezifeschen Thema interesséiert ass.
Mir bidden dës Journée zweemol d'Joer un. All Kéier beschäftege mir eis mat engem speziellen Thema.

Um Programm vum Workshop steet:

- eng méi theoretesch Aféierung an den Thema (klenge Virtrag, asw.)
- prakteschen Deel: „Wéi kann ech den Thema mat Hëllef vu Geschichten, Gedichter, Texter... mat Kanner erschaffen?“: praktesch Iddien, Virstellung vu Bicher a Material, Austausch vu gesammelten Erfarungen, asw.
- Kaffispaus, déi Plaz genuch léisst fir Gespréicher, Austausch, Informatiounen ze sammelen, asw.

Organisatioun a Leedung:
Aarbechtsgrupp „Kannerbicher“ vun der ErwuesseBildung.

Den Aarbechtsgrupp „Kannerbicher“ ass e Grupp vu benevolle Mataarbechterinnen, ënnert der Leedung vum Danielle Mertes. Reegelméisseg organiséiere si Aktivitéite ronderëm d'Kannerliteratur, schreiwe Buchtippen a maachen d'Auswiel vun de Kannerbicher am Bicherzelt vun der Erwuessebildung. Berufflech waren oder sinn si selwer och am educative Beräich aktiv - als LéierIn, Educatrice oder Katechetin.

„Helden an der Kannerliteratur“

Kanner brauche Virbiller, fir sech an och hir Perséinlechkeet z'entwéckelen. Si sichen a fannen hir „Helden“ ganz oft a Geschichten.
Wärend dësem Workshop kucke mir, firwat et esou wichteg ass, dass d'Kanner op hirem Wee fir grouss ze ginn, vun „Helden“ begleet ginn.
Mir stellen Iech e puer där „Helden aus der Kannerliteratur“ vir a weisen Iech, wéi Dir de Kanner dës Virbiller an hir Geschichte méi nobrénge kënnt.

D'ErwuesseBildung asbl ass als Organisateur de cours de formation professionnelle continue duerch e ministerielle Beschloss vum 11.10.2011 vum deemolege Ministère de l'Éducation nationale et de la Formation professionnelle unerkannt.

Dës Veranstaltung kann als Formation continue vun den zoustännegen Instanzen unerkannt ginn. Op Wonsch stelle mir gären e Certificat de participation aus. Frot w.e.g. bei Ärer Umeldung dono.

Gëllt just fir d'Personal aus dem Schoulberäich (Léierpersonal oder Educateuren / Educatricen, Bibliothekarinnen):

Dëse Workshop fannt Dir op der Internetsäit vum IFEN ënnert dem Titel: „Journée Bicher op den d'Dësch: Helden an der Kannerliteratur" (Code D1-d-05)

Mellt Iech w.e.g. iwwert dëse Link un : http://www.formation-continue.lu/descriptionformation?idFormation=231903
Fir LéierInnen an Educateuren/ Educatricen aus dem Schoulberäich ass dës Formatioun gratis. D'Onkäschte gi vum IFEN gedroen.

Coursnummer: 194390M

e Samschdeg, den 19. Oktober 2019 vun 9.00-16.30 Auer (inkl. Mëttespaus: 12.00-13.30 Auer)

an der ErwuesseBildung (Centre Convict, Entrée G / RdC)
5, avenue Marie-Thérèse,
L-2132 Luxembourg

160 € (inkl. Kaffi a Croissant)

Fir d'Personal aus dem Schoul- an Erzéiungsberäich, Elteren a fir jiddereen, deen u Kanner- a Jugendliteratur an um Thema interesséiert ass.

lëtzebuergesch, däitsch a franséisch

max. 25 Personnen

Umeldung: info@ewb.lu
oder Tel. 4 47 43-340
bis den 11.10.2019

Gitt w.e.g. d'Coursnummer 194390M un.

danielle.mertes@ewb.lu

Matbréngen: E Buch / eng Geschicht (ev. eng Figur) mat Ärem perséinlechen „Held", En USB-Stick, wou mir Iech den Handout zum Workshop drop kopéieren.

Mëttegiessen: Jidderee ka sech selwer organiséieren. Et ka sur place en „repas tiré du sac" giess ginn. Et besteet awer och d'Méiglechkeet, an der Ëmgéigend eppes iessen ze goen.